



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Sam TANSON, Minsterin fir Justiz, an dem Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6974 vum 7. Oktober 2022 vun den honorabelen Deputéierten Laurent Mosar an Léon Gloden.

- 1) Kënnen d'Madamm an den Här Minister bestätegen, datt et eng Pass-Mafia zu Lëtzebuerg gëtt?
Wa jo, wat gedenkt d'Regierung dogéint z'ënnerhuelen?**

Et ass weder der Police nach den Justizautoritéiten bekannt dat et eng Pass-Mafia zu Lëtzebuerg gett.

- 2) Fënnt op esou Dossieren eng Kooperatioun mat der Justiz an de Policeautoritéiten aus der Groussregioun statt?**

Jo. Am Fall vun enger Strofdot mat Implicatiounen déi bis an aner Länner reechen, kooperéieren d'Justizautoritéiten an d'Police mat hiren respektiven Homologen.

- 3) Wat geschitt mat Léit déi sech ënnert dem Virwand vun engem arrangéierte Bestietnis zu Lëtzebuerg ophalen? Ginn dës ausgewisen?**

Dës Leit exposéieren sech penalen Poursuitten an riskéieren hiren Statut ze verléieren. Den Artikel 387 vum Code penal stellt arrangéiert Bestietnisser ënner Strof an gesäit 6 Méint bis 2 Joer Prisong an eng Geldstrof vun 10.000 € bis 20.000 € vir.

Laut dem Artikel 146-1 vum Code civil gëtt et keen "valid" Bestietnis wann et nëmme dorëms geet en *Avantage par rapport* zum Openthalt hei am Land duerch den Statut als *Conjoint* ze kréien. Weiderhin gesäit den Artikel 184 vum Code civil vir, dat wann et a sou Fäll trotzdeem zu engem Bestietnis komm ass, dat dëst Bestietnis kann opgeléist gi op *Demande* vun engem oder béiden *Conjoints*, dem *Ministère public* an all anerer Persoun déi een *Interêt* dorunner huet.

Dat modifizéiert *Immigratiounsgesetz* vum 29. August 2008 gesäit donieft och nach eng *Rei Dispositiounen* vir. Den Artikel 25§1 gesäit generell fir all EU-Bierger vir dat, wann eng *Fraude* oder en *Abus* virläit, de Statut kann refuséiert respektiv en *Retrait* gesprach ka gi, schlëmmstefalls kann een och dës Landes verweisen gi ("*Décision d'éloignement*"). Den Artikel 75§4 gesäit vir dat d'Entrée an den *Sejour* vun *Familljememberen* vun *Drëttstaatler* kann refuséiert gi, falls een arrangéiert Bestietnis virläit mam eenzegem *But* eng *Openthaltsgeneemegung* ze kréien. Den Artikel 101§4 gesäit en *Refus* oder en *Retrait* vum *Sejour* vir vun *Drëttstaatler*, falls dës Persounen *Falschinformatiounen*, *Bedruch*, respektiv aner *illegal Moyene* genotzt hunn fir sech zu Lëtzebuerg kënnen opzehalen.

Den Artikel 133§3 gesäit vir dat spezifesch *Kontrollen* kënnen stattfannen, wann eng "*présomption de fraude*" besteet, respektiv wann Bestietnis nëmme statt fonnt huet mam eenzegem *Grond* fir engem d'Entrée an de *Sejour* um *Territoire* ze erméigleche.

Lëtzebuerg, den 8 November 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson